Gemeng Sëll

# Um Fouss vum Ditzebierg



1. 2020

## Léif Matbiergerinnen a Matbierger !

Zanter dem leschte Buet ass vill an der Gemeng geschitt.

Mir hunn eisen neie Waasserbaseng, zesumme mat der Inneministesch, der Madame Taina Bofferding, ageweit.

Déi ëffentlech Drénkwaasserversuergung ass eng vun den Haaptaufgabe vun enger Gemeng, a muss och, menger Meenung no, an der ëffentlecher Hand bleiwen.

Eng Liberaliséierung vun der Waasserversuergung hätt ellen Nodeeler fir de Verbraucher. Dat erschreckend Beispill vun en etleche Länner, wou leider e richtege Krich wéinst der Waasserversuergung ausgebrach ass, misst äis iwwerzeegen, datt eleng de Gedanke vun enger privater Verdeelung vun de Waasserressourcen ze verwerfen ass.

Déi permanent Kontroll vun der Waasserqualitéit ass grad esou wichteg. Dat hu mir all an de leschte Méint gespuert, wéi eng Alerte erausgaang ass, fir d'Leit virun enger bakterieller Verknaschtung ze warnen.

Et sief just gesot, datt déi kommunal Installatiounen net d'Ursaach vun där Kontaminatioun waren. Eng Zouleitung vum Baseng war héchstwarscheinlech den Ausléiser vun deem Tëschefall. D'Leitung gouf desinfizéiert, grad ewéi och all Installatioune vum Gemengereseau.

Deen aneren Dag owes, konnt d'Warnung opgehuewe ginn. Déi betraffe Leitung gëtt esou séier wéi méiglech vun eisem Fournisseur ersat.

Eng weider wichteg Entwécklung : De PAG vun eiser Gemeng ass eestëmmeg am Gemengerot vum 28. Oktober ugeholl ginn. Am Virfeld ass eng Analyse iwwert den Entwécklungspotential vun eiser Gemeng gemeet ginn. Déi obligatoresch Ëmwelttester sinn duerchgefouert ginn, an d'Lëscht vum Patrimoine, dee muss geschützt ginn, ass opgestallt ginn.

De PAG, d'Virbereedungsetüd, d'Virstellungsfiche an d'SUP sinn de 6. November op der Gemeng hannerluecht, an um Internet vun der Gemeng publizéiert ginn. Den 19. November war dunn eng Informatiounsversammlung fir d'Awunner.

Fir weider Informatiounen iwwert d'Ofännerung vum PAG, kënnt dir déi betreffend Säiten um Internetsite vun eiser Gemeng konsultéieren, oder och nach um Site www.guichet.lu.

Um Enn bleift nach z'ënnersträichen, datt eis Gemeng d'Prozedur, fir d'Adaptatioun vum PAG, virum 1. November 2019 an d'Weeër geleet huet. Mir mussen also keng Sanktioune fäerten, vun deenen dir sécher an der Lescht héieren hutt.



Nom Ofschloss vun dësem wichtegen an décken Dossier, kënnen d'Gemengevertrieder sech erëm mat anere wichtege Sujeten an eiser Gemeng ofginn. De Logement, d'Moderniséierung vun den Infrastrukturen, den neie Gemengenatelier, de Pompjeesbau an eis Projeten, fir den Zentrum vun eisen Dierfer ze verschéineren.

En aneren, virrangege Projet ass, zesumme mat den Experte vun de Ponts et Chaussées, e séchere Schoulwee ze plangen. Ech kann iech elo schonn ukënnegen, datt am Laf vum Joer 2020, an der Arelerstrooss (N8), op enger Längt vun op d'mannst 100 Meter, op der Héicht vun der Schoul, eng berouegt Verkéierszon (30Km) wäert agericht ginn.

Wat déi aner Nationalstrooss, d'N12, ugeet, déi duerch eis Gemeng féiert, sinn och Verhandlunge mat den Experten amgaang.

All déi Mesurë wäerten eng grouss Verbesserung vun eisem Objektiv bréngen – sécher an d'Schoul an erëm heemkommen.

Ech hoffen, am nächste Buet, méi Detailer heizou kënnen ze ginn.

Well d'Feierdeeg virun der Dier stinn, wëll ech vun dëser Geleeënheet profitéieren, an iech all frou Feierdeeg fir d'Enn vun dësem Joer, an all Gutts fir dat neit Joer wënschen.

Jean Konsbruck
Buergermeeschter

## Chers citoyennes et citoyens,

Depuis la dernière publication du « Buet », bien des choses se sont passées dans votre commune.

Nous avons notamment inauguré notre nouveau bassin d'eau en présence de Madame la Ministre de l'intérieur Taina Bofferding.

L'approvisionnement public en eau potable est un des devoirs premiers d'une commune et doit rester selon mon avis entre les mains de l'autorité publique.

Une libéralisation de la fourniture en eau entrainerait des conséquences néfastes pour les consommateurs. L'exemple, hélas effrayant, de certains pays, où une véritable guerre d'accès aux ressources en eau a été déclenchée devrait être suffisant pour nous dissuader de toute idée de privatisation en matière de distribution de l'eau.

Le contrôle permanent de la qualité de l'eau est également très important. Nous en avons tous ressenti l'urgence le mois dernier, quand une alerte a été déclenchée pour informer le public quant à une contamination bactériologique.

Reste à noter que les installations de la commune n'était pas la raison de cette pollution. Une conduite d'approvisionnement du bassin était probablement la cause de l'incident. La conduite a été désinfectée ainsi que toutes les installations du réseau de notre commune. Le soir du lendemain de l'incident, la levée de l'avertissement a été signalée. La conduite en question sera remplacée dans les meilleurs délais par notre fournisseur.

Autre développement notable : La saisine du nouveau PAG de notre commune, a été votée à l'unanime lors du Conseil communal du 28 octobre. Au préalable une analyse sur le potentiel de développement de notre commune a été réalisée, les tests environnementaux obligatoires ainsi que la liste des patrimoines qu'il y a lieu de protéger ont été établies.
L
e PAG, l'étude préparatoire, la fiche de présentation et, la SUP ont été déposés le 6 novembre à la maison communale et publiés sur le site Internet de la commune. Une réunion d'information pour le publique a eu lieu le 19 novembre.

Pour de plus amples informations quant à la modification du PAG, veuillez consulter les pages y relatives sur le site internet de notre commune, respectivement sur le site www.guichet.lu.

Finalement, il reste à souligner que notre commune a entamé la procédure d'adoption de son nouveau PAG avant la date du 1er novembre 2019. Par conséquent, elle n'est pas sous peine de se voir imposer les diverses sanctions dont vous avez probablement entendu parler récemment.

Après la clôture de ce dossier important et volumineux, les élus pourront de nouveau se concentrer sur d'autres sujets importants pour notre commune, comme le logement, la modernisation de nos infrastructures, le nouvel atelier communal, la caserne des soldats du feu et nos projets pour embellir les centres de nos localités.

Un autre projet prioritaire sera de planifier avec les experts des Ponts et Chaussées, un chemin d'école sécurisé. Je peux d'ores et déjà vous annoncer, qu'au cours de l'année 2020 la route d'Arlon (N8) sera transformée en sorte qu'une zone à trafic modéré (30Km) sera réalisée sur une longueur d'au moins 100 mètres, à la hauteur de notre école.

Quant à l'autre route nationale, la N12, qui traverse notre commune, des négociations avec les experts sont également en cours.

L'ensemble de ces mesures apporteront une nette amélioration de notre objectif, aller à l'école – rentrer à la maison, en toute sécurité !

J'espère de pouvoir fournir davantage de détails lors de la prochaine édition de notre « Buet ».

Vu que les jours de fêtes approchent, je saisis cette occasion pour vous souhaiter ainsi qu'à vos proches de joyeuses fêtes de fin d'année et de vous convier tous mes meilleurs vœux pour la nouvelle année.

Jean Konsbruck
Bourgmestre

## Séance du conseil communal du 26 novembre 2019

**Présents: Jean Konsbruck, bourgmestre, Jean-Paul Mousel, échevin, Marc Fisch, John Kaufmann et Gérard Zoller, conseillers. Joé Wolff, secrétaire communal ff.**

**Excusé : Edmond Gengler, échevin.**



presentéiert vum Joël KIEFFER, Gemengeredakter

### 1. PAP «Am Pesch» à Schwebach

Le projet de plan d'aménagement particulier « Am Pesch » a été conçu par le bureau d'études Espace et Paysages de Esch-sur-Alzette pour le compte de l'Administration communale de Saeul et concerne des fonds d'une superficie d'environ 106 ares sis au lieu-dit « am Pesch » à Schwebach.
Le projet sera réalisé selon un concept écologique qui est en cours d'élaboration et prévoit la construction de 16 maisons unifamiliales isolées, jumelées et en bande.
Le projet de PAP trouve l'approbation unanime du conseil communal.

### 2. Convention PAP «Am Pesch» à Schwebach

Une convention conclue par le collège échevinal avec la société « Energipark Réiden S.A. » dans le cadre de l'élaboration d'un concept écologique pour l'ensemble du PAP « am Pesch » à Schwebach est ratifiée par tous les conseillers.

### 3. Affectations des édifices religieux

Le conseil communal procède avec 3 voix contre 2 au dégrèvement (désacralisation) des chapelles de Kapweiler (avis favorable de l'Archevêché) et d'Ehner (avis défavorable de l'Archevêché) de leur finalité cultuelle.
Les églises de Saeul, Calmus et Schwebach seront mis à disposition de l'Archevêché de Luxembourg pour la célébration des messes du culte catholique.
Les édifices religieux désacralisés seront affectés à des fins culturelles, associatives et touristiques.

### 4. Repas sur roues

Le règlement-taxe sur le prix de vente d'un repas sur roues de la Croix-Rouge est abrogé à l'unanimité des voix avec effet au 1er janvier 2020. Le service RSR sera assuré à partir de 2020 par l'Hôpital intercommunal de Steinfort (HIS).

### 5. Club Senior Atertdall

La convention de l'année 2019 signée entre le Club Senior et le collège des bourgmestre et échevins trouve l'approbation unanime du conseil.

### 6. OSCARE - Budgets

Les budgets rectifié 2019 et initial 2020 de l'office social du canton de Redange sont approuvés à l'unanimité des voix.

### 7. SICONA - Programme 2020

Le programme d'action pour l'année 2020 qui prévoit des investissements de l'ordre de 91.033,38€ est approuvé unanimement.

### 8. Propriétés communales

Les 4 points ci-dessous sont votés unanimement :
a) Un acte d'échange avec les époux Breno-De Michele concernant des bouts des parcelles sises au lieu-dit « Am Dall » à Saeul ;
b) Un acte de cession à titre gratuit avec Mme SPEROTTO et M. DECAMPS concernant des parcelles sises au lieu-dit « An der Kreuzwies » (PAP) à Calmus
c) Acte de cession à titre gratuit avec la s.a. ROMA-BAU concernant des parcelles sises au lieu-dit « An der Kreuzwies » (PAP) à Calmus
d) Acte de cession à titre gratuit avec Mme MARAITE concernant des parcelles sises au lieu-dit « An der Kreuzwies » (PAP) à Calmus

## Séance à huis clos

### 9. Prolongation de la nomination du secrétaire communal f.f.

Monsieur Joé WOLFF est nommé par scrutin secret au poste de « secrétaire communal faisant fonction » de la commune de Saeul pour une durée de 6 mois à partir du 1er décembre 2019.

## Séance du conseil communal du 10 décembre 2019

**Présents: Jean Konsbruck, bourgmestre, Edmond Gengler, Jean-Paul Mousel, échevins, Marc Fisch, John Kaufmann et Gérard Zoller, conseillers. Joé Wolff, secrétaire communal ff.**

### 1. Finances communales - Budgets

Le budget rectifié 2019 et le budget initial 2020 sont présentés au conseil communal. La situation financière est saine. Les recettes ordinaires du budget initial 2020 sont estimées à 3.767.000€ contre des dépenses prévues à 3.094.000€.
Les investissements inscrits au service extraordinaire du budget sont estimés à environ 4.000.000€ contre des recettes évaluées à 2.300.000€.
Le boni prévisible pour la fin de l'année 2020 se chiffrera aux alentours de 1.400.000€.
Le budget rectifié 2019 et l'initial 2020 sont approuvés à l'unanimité des voix.

## Séance à huis clos

### 2. OSCARE – Nomination

Le conseil communal renouvelle à l'unanimité des voix le mandat de Madame Marianne Bégué-Poeckes en tant que membre du conseil d'administration de l'OSCARE.

## Séance du conseil communal du 13 février 2020

**Présents: Jean Konsbruck, bourgmestre, Edmond Gengler, Jean-Paul Mousel, échevins, Marc Fisch, John Kaufmann et Gérard Zoller, conseillers. Joé Wolff, secrétaire communal ff.**

**Excusé : John Kaufmann, conseiller (à partir point 5c).**

### 1. Service jardinage - Création d'un poste

Les tâches à effectuer par le service de régie communal dans le domaine de l'entretien des plantations, des espaces verts et des places publiques augmentent constamment. La création d'un poste d'ouvrier communal ayant une qualification DAP dans le domaine du paysagiste-pépiniériste ou jardinier-paysagiste s'avère nécessaire.

Cette décision est prise à l'unanimité des voix.

### 2. Subsides communaux 2020

a ) Associations locales

| NO | NOM DE L'ASSOCIATION | MONT. |
|---|---|---|
| 1 | Club des jeunes Saeul | 850 € |
| 2 | Sapeurs-pompiers Saeul | 850 € |
| 3 | Gaart an Heem Saeul | 850 € |
| 4 | Sëller Musek asbl | 5 500 € |
| 5 | Chorale Ste-Cécile Saeul | 2 660 € |
| 6 | Lucilinburhuc asbl | 850 € |
| 7 | Fraen a Mammen Saeul | 850 € |

b) Associations nationales

| NO | NOM DE L'ASSOCIATION | MONT. |
|---|---|---|
| 1 | Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung | 50 € |
| 2 | Les Amis du Tibet | 50 € |
| 3 | Multiple Sclérose Lëtzebuerg | 50 € |
| 4 | Aide aux enfants handicapés du Grand-Duché | 50 € |
| 5 | MemoShoah Luxembourg | 50 € |
| 6 | Schwimming Club Redange | 50 € |
| 7 | Kanner-Jugendtelefon | 50 € |
| 8 | Fleegeelteren Lëtzebuerg | 50 € |
| 9 | Handicap International | 50 € |
| 10 | Lëtzebuerger Déiereschutzliga | 50 € |
| 11 | Action pour un Monde Uni | 100 € |
| 12 | APEMH | 100 € |
| 13 | UNICEF Luxembourg | 100 € |
| 14 | Association Luxembourg Alzheimer | 100 € |
| 15 | Ile aux Clowns asbl | 100 € |
| 16 | Médecins sans frontières | 100 € |
| 17 | Op der Schock a.s.b.l. | 100 € |
| 18 | SOS FAIM | 100 € |
| 19 | Blëtz asbl | 100 € |
| 20 | Ligue médico-sociale | 150 € |
| 21 | Cercle Apicole Redange/Attert | 250 € |
| 22 | Natur & ëmwelt Section Kanton Réiden asbl | 250 € |
| 23 | Club Soroptimist Mosaïk Réiden (sous condition que le club organisera une nouvelle édition du «Sëller Adventure-Laf» et que le Commune de Saeul figurera sur la brochure promouvant ladite manifestation) | 500 € |

Les subsides sont attribués unanimement

### 3. Voirie rurale - Devis

Le devis concernant la réfection du chemin rural « Calmessermillen » à Calmus a été élaboré par les services techniques du Ministère de l'Agriculture (ASTA). Le devis au montant total de 50.000 € trouve l'approbation unanime du conseil.

**4. Cimetière forestier - Règlement-taxe**

Le cimetière forestier de Saeul a été approuvé par le Ministère de l'Environnement en juillet 2019. L'aménagement d'une stèle commémorative est en cours d'exécution. A l'instar de la taxe de participation aux frais de construction du columbarium il y a lieu d'appliquer une taxe identique aux frais de construction de la stèle ainsi qu'aux frais de gravure des plaques.

La taxe de participation est fixée à l'unanimité des voix à 200€ par personne inhumée et inscrite sur la stèle commémorative.

**5. Finances communales :**

a) Crédit spécial - sous-sol école préscolaire
Des problèmes d'humidité et de moisissure sont apparus sur les murs du sous-sol du bâtiment de l'ancienne école primaire. Ces locaux n'ont pas été rénovés lors de la construction de la nouvelle école centrale. Considérant qu'une salle affectée est mise à disposition de l'association « Fraen a Mammen » et que les autres locaux abritent une partie des archives communales, il y a lieu de prévoir des travaux d'assainissement.
Un crédit spécial de 35.000€ pour l'assainissement des murs et l'installation d'une ventilation mécanique trouve l'approbation unanime du conseil.

b) Crédit spécial – Chauffage urbain Saeul
Une étude de faisabilité concernant un chauffage urbain avait été réalisée sans donner de suite. Le projet de remplacement de la chaufferie vétuste de la mairie a toutefois après plusieurs consultations avec des hommes du métier, montrer que la solution d'un chauffage urbain serait la meilleure solution.
Un crédit spécial de 100.000€ est voté à l'unanimité des voix pour débuter avec les travaux de pose d'un réseau dans le cadre du réaménagement de la route d'Arlon (projet Ponts & Chaussées).

c) Plan pluriannuel de financement 2020
Le PPF est présenté au conseil communal. La situation financière est actuellement très saine.

**6. Convention cours de yoga**

Une convention avec Mme Pianaro portant sur l'organisation de cours de yoga à la salle des fêtes de Saeul trouve l'approbation unanime de tous.

**7. Etudiants - Job vacances**


A l'instar des années précédentes, la commune engagera durant les vacances d'été des étudiant(e)s âgées de 15 ans pour le besoin du service de régie communal. Plusieurs étudiant(e)s âgées au moins de 18 ans seront également engagé(e)s pour les besoins du secrétariat communal.

**8. Cimetières communaux – Concessions**

Différents contrats de concession (tombes) de l'année 2019 sont ratifiés par l'ensemble du conseil communal.

**9. Règlement de circulation temporaire**

En raison des travaux de pose d'une conduite d'adduction d'eau potable DN900, un règlement de circulation temporaire portant sur une interdiction de stationnement dans la «Haaptstrooss» à Schwebach pendant la durée des travaux (60 jours ouvrables) est approuvé par tous.




## Wuer a wéini kënnt de Bicherbus

SAMSCHDES T 12

| | | |
|---|---|---|
| Useldeng | 09:05 - 09:35 | 11. Juli |
| Äischen | 09:55 - 10:30 | 01. August |
| Säll | 10:45 - 11:05 | 03. Oktober |
| Tënten | 11:10 - 11:45 | 24. Oktober |
| Briddel | 13:50 - 14:10 | 21. November |
| Walfer | 14:30 - 15:30 | 12. Dezember |



## Gemengerot vum 26. November 2019

**Et waren do: Jean Konsbruck, Buergermeeschter, Jean-Paul Mousel, Schäffen, Marc Fisch, John Kaufmann a Gérard Zoller, Konselljeeën. Joé Wolff, Gemengesekretär ff.**

**Entschëllegt: Edmond Gengler, Schäffen.**

**1. PAP «Am Pesch» zu Schweebech**

De Projet vum PAP « Am Pesch » ass vum Bureau d'études Espace et Paysages vun Esch-Uelzecht, fir d'Gemeng Säll opgestallt ginn. Et geet hei ëm Terraine vun ongeféier 106 Ar op der Plaz « Am Pesch » zu Schweebech. De Projet gëtt no engem ekologesche Konzept, dat an der Maach ass, ëmgesat. Et si 16 eenzel Eefamilljenhaiser an och Jumeléeë virgesinn. De Projet gëtt eestëmmeg vum Konsell ugeholl.

**2. Konventioun PAP «Am Pesch» zu Schweebech**

Eng Konventioun, tëschent dem Schäfferot an der Gesellschaft « Energipark Réiden S.A. », am Kader vum Ausschaffe vun engem ekologesche Konzept, fir de PAP « Am Pesch » zu Schweebech, gëtt vun alle Konselljeeën ënnerzeechent.

**3. Neibestëmmung vun de reliéise Gebaier**

De Gemengerot stëmmt mat 3 géint 2 Stëmmen, fir d'Entweiung vun de Kapellen zu Kapweiler (Averständnes vum Äerzbistum) an Iener (Net Averständnes vum Äerzbistum).
D'Kierche vu Säll, Kaalmes a Schweebech kritt den Äerzbistum zur Verfügung gestallt, fir kathoulesch Massen ze halen.
Déi entweite Gebaier gi fir kulturell, gesellschaftlech an touristesch Zwecker genotzt.

**4. Iessen op Rieder**

D'Taxe-Reglement iwwert de Verkaafspräis vun engem Iessen op Rieder vum Roude Kräiz, gëtt eestëmmeg op den 1. Januar 2020 gekënnegt. Den Zerwiss RSR gëtt vun 2020 un, vum Interkommunale Spidol zu Stengefort (HIS) iwwerholl.

**5. Club Senior Atertdall**

D'Konventioun vum Joer 2019, tëschent dem Club Senior an dem Schäfferot, gëtt eestëmmeg vum Konsell ugeholl.

**6. OSCARE – Budgeten**

De rektifizéierte Budget 2019 an den initiale Budget 2020, vum Office social vum Réidener Kanton, ginn eestëmmeg ugeholl.

**7. SICONA - Programm 2020**

Den Aktiounsprogramm fir d'Joer 2020, deen Investissementer vun 91.033,38€ virgesäit, gëtt eestëmmeg ugeholl.

**8. Gemengeproprietéiten**

Dës 4 Punkte ginn eestëmmeg ugeholl:
a) En Tauschakt mat der bestueter Koppel Breno-De Michele, wéinst klenge Parzellen op der Plaz « Am Dall » zu Säll;
b) En Akt iwwer eng gratis Cessioun mat der Madame SPEROTTO an dem Här DECAMPS, wéinst Parzellen op der Plaz « An der Kreuzwies » (PAP) zu Kaalmes;
c) En Akt iwwer eng gratis Cessioun mat der S.a. ROMA-BAU, wéinst Parzellen op der Plaz « An der Kreuzwies » (PAP) zu Kaalmes;
d) En Akt iwwer eng gratis Cessioun mat der Madame MARAITE, wéinst Parzellen op der Plaz « An der Kreuzwies » (PAP) zu Kaalmes.

## Geheimsëtzung

**9. Verlängerung vun der Nominatioun vum Gemengesekretär ff.**

Den Här Joé WOLFF gëtt an engem geheime Vote, op de Poste vum « secrétaire communal faisant fonction » fir d'Dauer vu 6 Méint, vum 1. Dezember 2019 un, ernannt.

## Gemengerot vum 10. Dezember 2019

**Et waren do: Jean Konsbruck, Buergermeeschter, Edmond Gengler, Jean-Paul Mousel, Schäffen, Marc Fisch, John Kaufmann a Gérard Zoller, Konselljeeën. Joé Wolff, Gemengesekretär ff.**

**1. Gemengefinanzen - Budgeten**

De rektifizéierte Budget 2019 an den initiale Budget 2020 ginn dem Konsell virgestallt. D'Finanzsituatioun ass gesond. Déi uerdentlech Recettë vum Budget 2020 ginn op 3.767.000€ geschat, d'Ausgaben op 3.094.000€.
D'Investissementer, déi am ausseruerdentlechen Zerwiss vum Budget ageschriwwe sinn, ginn op ongeféier 4.000.000€, géint 2.300.000€ Recettë geschat.
Den ageplangte Boni, fir d'Enn vum Joer 2020, beleeft sech ëm di 1.400.000€.
De rektifizéierte Budget 2019 an den intiale Budget 2020 ginn eestëmmeg ugeholl.







## Geheimsëtzung

**2. OSCARE – Nominatioun**

De Gemengerot erneiert eestëmmeg d'Mandat vun der Madame Marianne Bégué-Poekes, als Member vum OSCARE Verwaltungsrot.

## Gemengerot vum 13. Februar 2020

**Et waren do: Jean Konsbruck, Buergermeeschter, Edmond Gengler, Jean-Paul Mousel, Schäffen, Marc Fisch, John Kaufmann a Gérard Zoller, Konselljeeën. Joé Wolff, Gemengesekretär ff.**

**Entschëllegt: John Kaufmann, Konselljee (vum Punkt 5c un).**

**1. Zerwiss vun der Gäertenerei - Schafe vun engem Posten**

Et gëtt ëmmer méi Aarbecht fir d'Gemengenzerwisser, mam Ënnerhalt vun de Planzen, de Gréngzonen an den ëffentlech Plazen. D'Schafe vun engem Poste fir en Aarbechter, deen d'Qualifikatioun DAP am Beräich Landschaftsgäertner huet, ass noutwendeg.
Déi Decisioun gëtt eestëmmeg geholl.

**2. Gemengesubsiden 2020**

a) Lokal Veräiner

| NO | NOM DE L'ASSOCIATION | MONT. |
|---|---|---|
| 1 | Club des jeunes Saeul | 850 € |
| 2 | Sapeurs-pompiers Saeul | 850 € |
| 3 | Gaart an Heem Saeul | 850 € |
| 4 | Sëller Musek asbl | 5 500 € |
| 5 | Chorale Ste-Cécile Saeul | 2 660 € |
| 6 | Lucilinburhuc asbl | 850 € |
| 7 | Fraen a Mammen Saeul | 850 € |

b) National Veräiner

| NO | NOM DE L'ASSOCIATION | MONT. |
|---|---|---|
| 1 | Fondation Lëtzebuerger Blannevereenegung | 50 € |
| 2 | Les Amis du Tibet | 50 € |
| 3 | Multiple Sclérose Lëtzebuerg | 50 € |
| 4 | Aide aux enfants handicapés du Grand-Duché | 50 € |
| 5 | MemoShoah Luxembourg | 50 € |
| 6 | Schwimming Club Redange | 50 € |
| 7 | Kanner-Jugendtelefon | 50 € |
| 8 | Fleegeelteren Lëtzebuerg | 50 € |
| 9 | Handicap International | 50 € |
| 10 | Lëtzebuerger Déiereschutzliga | 50 € |
| 11 | Action pour un Monde Uni | 100 € |
| 12 | APEMH | 100 € |
| 13 | UNICEF Luxembourg | 100 € |
| 14 | Association Luxembourg Alzheimer | 100 € |
| 15 | Ile aux Clowns asbl | 100 € |
| 16 | Médecins sans frontières | 100 € |
| 17 | Op der Schock a.s.b.l. | 100 € |
| 18 | SOS FAIM | 100 € |
| 19 | Blëtz asbl | 100 € |
| 20 | Ligue médico-sociale | 150 € |
| 21 | Cercle Apicole Redange/Attert | 250 € |
| 22 | Natur & ëmwelt Section Kanton Réiden asbl | 250 € |
| 23 | Club Soroptimist Mosaïk Réiden (sous condition que le club organisera une nouvelle édition du «Sëller Adventure-Laf» et que le Commune de Saeul figurera sur la brochure promouvant ladite manifestation) | 500 € |

D'Subside ginn eestëmmeg guttgeheescht

**3. Stroossennetz - Devis**

Den Devis, fir d'Erneierung vum Gemengewee « Calmessermillen » zu Kaalmes, ass vum techneschen Zerwiss vum Landwirtschaftsministär (ASTA) opgestallt ginn. Den totale Betrag vu 50.000€ gëtt eestëmeg ugeholl.

**4. Bëschkierfecht – Taxereglement**

De Sëller Bëschkierfecht ass am Juli 2019 vum Ëmweltministär geneemegt ginn. D'Ariichte vun enger Erënnerungssail ass an der Aarbecht. Wat d'Bedeelegung un de Baukäschte vum Columbarium ugeet, sou ass déi selwecht Taxe, fir d'Käschte vun der Sail an d'Gravéiere vun de Placken unzewenden.
D'Bedeelegungstaxe ass eestëmmeg op 200€ festgeleeucht ginn, fir all begruewe Persoun déi op der Sail veréiwegt gëtt.

**5. Gemengefinanzen:**

a) Spezialkredit – Keller vun der Spillschoul
Am Keller vun der aller Primärschoul ass Fiichtegkeet a Schimmel an de Maueren opgetratt.
Dës Raim waren net, beim Bau vun der neier Schoul, renovéiert ginn.
Well ee betraffene Sall vun de « Fraen a Mammen » benotzt gëtt, a well an deenen anere Säll en Deel vun de Gemengenarchiven ënnerbruecht ass, musse Sanéierungsaarbechte gemeet ginn.
E Spezialkredit vu 35.000€, fir d'Sanéiere vun de Maueren an d'Installatioun vun enger mechanescher Ventilatioun, gëtt eestëmmeg ugeholl.

b) Spezialkredit - Duerfheizung
Eng Etüd, fir ze kucken ob eng Duerfheizung méiglech wier, war ouni Folleg gemeet ginn. De Projet, fir déi al futtis Heizung an der Gemeng ze ersetzen, hat no verschiddene Gespréicher mat Fachleit erginn, datt déi bescht Léisung eng Duerfheizung wier.
E Spezialkredit vun 100.000€ gëtt eestëmmeg gestëmmt, fir mam Verleeë vun engem Reseau, am Kader vun der Erneierung vun der Arelerstross (Projet P&Ch), unzefänken.

c) Pluriannuelle Finanzplang 2020
De PPF gëtt dem Konsell virgestallt. D'Finanzsituatioun ass fir de Moment ganz gesond.

**6. Konventioun Yoga Coursen**

Eng Konventioun mat der Madame Pianaro wéinst der Organisatioun vu Yoga Coursen am Festsall vun der Sëller Schoul, gëtt eestëmmeg ugeholl.

**7. Studenten-Vakanzejob**

Sou wéi an de vergaangene Joren, engagéiert d'Gemeng Studentinnen a Studenten, déi 15 Joer al sinn, fir an der Summervakanz op der Gemeng ze schaffen. E puer Studentinnen a Studenten, déi op d'mannst 18 Joer al sinn, kréien eng Plaz am Gemengesekretariat ugebueden.

**8. Gemengekierfechter - Konzessiounen**

Verschidde Konzessiounskontrakter (Griewer) aus dem Joer 2019 gi vum ganze Konsell ënnerschriwwen.

**9. Zäitweilegt Verkéiersreglement**

Wéinst dem Verleeë vun enger Drénkwaasser Versuergungsleitung DN900, gëtt e Verkéiersreglement gestëmmt, dat et verbitt, an der « Haaptstrooss » zu Schweebech ze parken, an dat, esou laang wéi d'Aarbechten daueren (60 Schaffdeeg). D'Reglement gëtt eestëmmeg ugeholl.



# De Bëschkierfecht
# Le cimetière forestier







*Par ces temps qui courent le sujet de l'inhumation ne paraît pas être très judicieux ou bien, au contraire, il nous invite à méditer sur le sens de la vie et donc de la mort. Cette dernière fait partie intégrante de la vie, même si beaucoup d'entre nous réfutent cette réalité.*

*Le texte ci-dessous informe sur le nouveau cimetière forestier que notre commune est en train d'aménager. L'autorisation ministérielle a été accordée, une stèle commémorative vient d'être installée récemment. Un dépliant reprenant le texte ci-dessous est disponible au secrétariat communal et sur notre site internet.*

## La forêt comme dernier lieu de repos !

*La commune de Saeul a aménagé un cimetière forestier au lieu-dit « Ditzebierg ». 8 arbres sont recensés sur une surface d'une dizaine d'ares.*

*Le cimetière est exclusivement réservé à l'inhumation ou à la dispersion des cendres des personnes.*


## Déroulement de l'inhumation :

*L'urne avec les cendres du défunt sera transférée au cimetière forestier par un service de pompes funèbres. Sur place, l'inhumation au pied d'un arbre ou la dispersion des cendres sur la clairière se fera par un collaborateur de la commune.*

*Les cérémonies se feront à ciel ouvert, le cimetière ne dispose pas d'un abri en bois. En cas de fortes intempéries prévues, une bâche sera installée par le service technique communal.*

*Le cimetière forestier se trouve à 1.150 mètres du parking. L'accès aux véhicules automoteurs, même lors des cérémonies funéraires d'adieux, est strictement interdit.*
*Une plaquette avec un numéro distinct est apposée sur chaque arbre.*

*Un panneau à l'entrée du cimetière renseigne sur les noms, prénoms, date de naissance et de décès des personnes dont les cendres ont été déposées autour de l'arbre. Les mêmes données ainsi que les actes relatifs aux dispersions de cendres sont reprises dans le registre communal des décès.*




## Décoration funéraire :

*Comme son nom l'indique, le cimetière forestier se trouve au beau milieu de la forêt et fait partie intégrante de la nature. Une décoration funéraire devient donc inutile, le cadre en soi fournit une décoration exubérante et changeante selon les saisons.*

*Le dépôt de gerbes, couronnes ou fleurs lors des cérémonies funéraires, de même que toute sorte de plantation et l'apposition de signes particuliers ou personnels par après, sont interdits.*

*Le caractère naturel des lieux prime sur le désidérata des hommes.*

## En cas de décès :

*Le décès est à déclarer dans la commune où le décès est survenu. Après l'obtention de l'acte de décès et du permis de transport, les proches du défunt contacteront l'état civil de la commune de Saeul (tél. : 23 63 22-22, mail : population@saeul.lu) afin d'organiser l'inhumation au cimetière forestier.*

## Coût et concession :

*L'inhumation ou la dispersion des cendres au cimetière forestier est gratuite. Aucune concession ne sera accordée pour l'inhumation, c'est-à-dire que personne ne pourra réserver un ou plusieurs emplacements. La participation financière à la stèle y compris une gravure coûte 200€.*





An der Haaptstrooss zu Säll gouf den Trottoir wéinst de Beem, verbreet an d'Stroosseluucht geréckelt.



Den Trottoir an der Arelerstrooss gouf bis an de besteeënde Bëschwee verlängert, esou dass d'Awunner ouni Gefor an de Bësch kommen.








# COUR DE GYM



Le cours de gym a lieu chaque lundi soir dans la salle des fêtes, et exceptionnellement le mercredi en cas d'empêchement le lundi. Pendant les vacances scolaires il n'y a pas de cours.

Les exercices sont adaptés au niveau des participants, mais aussi variés et étendus de manière à ce que chacun soit sollicité et motivé.

Ici sont entrainés la force, la souplesse, la coordination et l'endurance, des exercices classiques de stabilisation issus de l'athlétisme, mais aussi des éléments du Yoga, du Fitnessbox ainsi que des exercices d'inhalations.

Le cours a pour but de renforcer le niveau de la fitness et du bien-être des participants et de les instruire à faire les exercices à la maison.

Den Gymcours fënnt all Méindeg Owend an der Sportshal statt; Ausweichtermin ass den Mëttwoch. An den Schoulvakanzen fënnt de Cours net statt.

Am Cours gëtt Kraaft, Beweeglechkeet, Koordinatioun an Ausdauer trainéiert. D´Übungen ginn un den Fitnessniveau vun de Participanten ugepasst.

D´Übungen ginn reegelméisseg variéiert an erweidert, so dass keng Langweil opkënnt, an d'Teilnehmer optimal gefuerdert a beusprocht ginn. Et ginn klassesch Stabilisatounsübungen aus der Liichtathletik, awer och Elementer aus dem Yoga, Fitnessboxen, Otemübungen an d'Übungsseancen agebaut.

Den Cours huet als Ziel d'allgemeng Fitness a Wuelbefannen vun den Participant zu stäerken an si unzeleeden d astudéiert Übungen och doheem ze maachen.



Fotos & Textes Tom Majerus

# Medikamenter - Wouhin ?

SDK RESSOURCEN INNOVATIOUN NOHALTEGKEET CIRCULAR ECONOMY
SuperDrecksKëscht®

**Medikamente gehören nicht in die Abfalltonne, Toilette oder den Waschbecken !**

**Ne jetez pas les médicaments dans la poubelle, la toilette ou le lavabo !**

## Für Ihre Sicherheit und die Ihrer Mitmenschen

Helfen Sie mit, dass abgelaufene und nicht genutzte Medikamente nicht über Restmüll, Toilette oder Abwasser in die Umwelt gelangen und somit uns und unsere Umwelt gefährden!

Nutzen Sie die Abgabemöglichkeiten in Ihrer Apotheke sowie der SuperDrecksKëscht® mobil und im Recyclinghof!

CLEVER!



## Pour votre sécurité et celle de vos citoyens

Participez à l'action visant à ce que les médicaments périmés et inutilisés ne terminent pas dans l'environnement via les déchets résiduels, la toilette ou les eaux usées et portent ainsi atteinte à ce dernier !

Utilisez les opportunités de reprise offertes par votre pharmacie ainsi que la SuperDrecksKëscht® mobile sans oublier les centres de recyclage !

Info: medi.sdk.lu

Die SuperDrecksKëscht® kümmert sich um die umweltgerechte Behandlung.

Medikamente und Spritzen werden in speziellen Hochtemperaturverbrennungs-Anlagen behandelt.

Beipackzettel und Verpackungen werden recycelt.



Sortierung - Tri

La SuperDrecksKëscht® prend soin du traitement écologique.

Les médicaments et les seringues sont traités dans des installations d'incinération à haute température.

Les notices explicatives et les emballages sont recyclés.

### Achtung !

- Auch abgelaufene und nicht genutzte Kosmetika werden von der **SuperDrecksKëscht®** angenommen.
- Nutzen Sie für Spritzen und Kanülen den Sicherheitsbehälter – erhältlich auch in Ihrer Apotheke. Bitte diesen korrekt verschliessen!

### Attention:

- La **SuperDrecksKëscht®** accepte également les produits cosmétiques périmés et inutilisés.
- Pour les seringues et embouts de canules, utilisez le récipient de sécurité que vous recevez dans votre pharmacie. Fermez le récipient correctement !

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable
Administration de l'environnement

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat et du Développement durable

Syndicat des Pharmaciens Luxembourgeois

VALORLUX ASBL
Ensemble, en route vers un monde durable

## NOUVEAUTÉ dans le sac bleu Valorlux !

*Depuis octobre 2019, la commune participe au nouveau projet sac bleu Valorlux, permettant aux habitants de la commune de collecter des déchets d'emballages en plastique supplémentaires dans le sac bleu.*

*En plus des emballages habituels (bouteilles et flacons en plastique, emballages métalliques et cartons à boisson), il est désormais possible de collecter les films et sacs en plastique, ainsi que les pots, gobelets et barquettes en plastique.* Attention ! Pas de plastique noir !

*Pour tous les déchets d'emballages collectés, il est important qu'ils soient bien vidés.*

*Le calendrier de collectes ainsi que les sacs de collecte restent les mêmes. Les citoyens peuvent donc continuer d'utiliser leur stock actuel de sacs bleus Valorlux.*



*Déposez votre sac bleu Valorlux sur le trottoir devant votre domicile la veille du jour de collecte. © Valorlux*

## Où vont les emballages collectés ?

*La méthode de collecte reste la même et le cheminement des emballages vers le centre de tri aussi. Les sacs bleus Valorlux continuent d'être transportés au centre de tri Hein Déchets à Bech-Kleinmacher. Là, les emballages sont triés et chaque matériau est conditionné en balle de recyclage pour être transporté vers des recycleurs agréés. Le plastique est transporté dans différentes usines en Allemagne, en Autriche, en France et aux Pays-Bas, le métal va au Luxembourg, en Belgique et en France, les cartons à boisson vont en Allemagne.*



*La collecte des sacs bleus Valorlux a lieu toutes les deux semaines © Valorlux*

*Après avoir été traités dans les usines de recyclage, certains matériaux reviennent au Luxembourg afin de constituer de nouveaux objets. C'est le cas pour le plastique PET des bouteilles qui revient à Bascharage afin de fabriquer de nouvelles bouteilles.*

*En 2018,* **9209 tonnes** *de déchets d'emballages ont été collectés au Luxembourg grâce au sac bleu Valorlux. Soit l'équivalent de 15,58 kg par habitant et par an.*

*www.valorlux.lu*



*Balles de recyclage de bouteilles PET conditionnées pour un envoi au recycleurs agréés. © Valorlux*

# E PUER IMPRESSIOUNEN AUS DER COVIDZÄIT





















Schlaang aus Steng
an der Corona-Zäit
zu Kaalmes



presentéiert vum
Joël KIEFFER



**Dag vum Bam**

13 neigebuere Kanner goufe bannent engem Joer hei zu Säll ugemellt. Eng Drauweneech och Wantereech genannt, déi selwecht Zort, ewéi déi « Déck Eech » am Agang vu Säll, gouf vu kräftege Pappe geplanzt. Eng Sällerdrëpp huet zur Stäerkung bäigedroen.
















**Advents Basar**

Kuerz virum éischten Adventssonndeg ass deen traditionelle Basar vun de Fraen a Mammen. Selwergebastelt Adventskränz a Chrëschtdekoratioune ginn do verkaaft. Eng gutt gefëllte Kaffisstuff däerf natierlech net feelen







### Advents Uucht

Nom Advents Basar invitéiert Mëtt Dezember d'Säller Musek traditionell op hir Advents Uucht. Nieft engem gudde Maufel fir z'iessen, gi flott Stécker a Chrëschtlidder vu verschiddene Museksensembele gespillt.





### Hex a Buergbrennen

D'Säller Jugend steet och fir Traditioun. No der Fuesent gëtt fir d'éischt d'Hex, an e puer Deeg méi spéit, d'Buerg verbrannt. An där kaler Zäit ass eng Drëpp oder eng waarm Zopp net vu Muttwëll.

















## Jugendkommissioun vum FC Brouch stellen sech viir.

D'Jugendkommissioun vum FC Brouch ass am Joer 2012 duerch e puer Elteren an Memberen vum FC Brouch gegrënnt ginn.

Virdrun huet den Comité vum FC Brouch d'Jugend mat organiséiert. Jugendaarbecht ass ëmmer méi gewuess an esou koum et zur Grënnung vun enger Kommissioun déi sech komplett der Jugend gewidmet huet.

Am Moment zielen mir zu Brouch 138 lizenzéiert Kanner, dës huelen um Championnat deel.

Mir hunn folgend Kategorien.

Bambinis 5 - 7 Joer
Pupilles 8 - 9 Joer
Poussins 10 - 11 Joer
Minimes 12 - 13 Joer
Scolaires 14 - 15 Joer
Cadets 16 - 17 Joer
Juniors, Seniors ab 18 Joer

Trainingen sinn zu Brouch a Béiwen, an den Wanter trainéieren mir an der Hall. Esou sinn mir iwwert Wanter Méint och zu Saeul an der Hall.

Eis Traineren bilden sech och ëmmer weider, fir dass mir den Kanner flott Trainingen ubidden kënnen. Kanner sollen Spaass um Fussball hunn, dofir kommt och dir ob Brouch an de Fussball.

Mir halen och schon säit e puer Joer e Fussballcamp. Dësen gëtt mat engem Professionellen Bundesliga Club organiséiert. Mat den Kanner fueren mir och Bundesliga kucken, ginn op Turnéieren (och an d'Ausland), hunn all Joers e Familljeendag, Kannerbal asw.

Normalerweis kréien d'Kanner d'Chance net, owes Fussball ze spillen. Dofir organiséieren mir als Jugendkommissioun een Turnéier am Oktober, wou d'Kanner ënnert Fluutlicht spillen. Floodlight Tournement for Kids fënnt dëst Joer den 30. Oktober statt.

Spillen är Kanner Fussball? Dann zeckt net a kommt ob Brouch kucken.

Fussball ass flott, Fussball ass cool.

@Fotoen sinn aus dem Archive vum FC Brouch

**Weider Informatiounen :**

**jk-fcbrouch.lu**

**oder per mail :**

**fcbrouch_secretariat@pt.lu**

**vibi.merges@gmail.com**
**Vibeke Merges Tel.: 661 746 385**


Turnéier

ZESUMME SI MIR STARK
EE FIR ALL, ALL FIR EEN.




Zesummenhalt


Ënnerstëtzen


Fussball spillen


Ausflug


Koordinatioun, Training


Frëndschaft


Familljeendag


Spaass















### Grouss Botz


Duerch de Covid-19 gouf Grouss Botz Aktioun aneschters organiséiert. Eng Rei Awunner sinn eleng, um Weekend vum 1. Mee, laanscht Stroosse botze gaangen. Hinnen e grousse Merci vun eis all. Leider gouf d'Camionnette vun der Gemeng nees gutt gefëllt.



### Distributioun vu Masken

Eis Séller Pompjeeën hu wärend der Pandemie, fir d'éischt déi 5 Maske pro Awunner agepaakt an un all Haushalt ausgedeelt, duerno goufen d'Këschte mat 50 Maske wärend 3 Owender un d'Leit ausgedeelt. E grousse Merci vun eis alleguer hu se verdéngt!





KlimaPakt European Energy Award

Klimateam Säll

# Säller Klimateam – News

## Nei Väloskaart

Di 4. Editioun vun eiser Väloskaart vum Westen ass ab elo disponibel. Hei sinn all di nei Välosweeër dran, mat villen Informatiounen zu eisen Attraktiounen, Restauranten an Iwwernuechtungsméiglechkeeten

Dir kritt dës Väloskaarten gratis, mellt Iech beim:

- ORT Guttland
  Tel. 28 22 78 65
  info@visitguttland.lu





## Neit Bus-Netz zu Lëtzebuerg ab 2022

De Mobilitéitsminister François Bausch ass de 6. Februar op Réiden dat neit RGTR-Busnetz virstelle komm, dat Ugangs 2022 an d'Ëmsëtzung soll goen.

***Wat äennert sech landeswäit?***

- Et kënnt eng kloer Struktur eran. All d'Busser, déi aus der Stad an de Réidener Kanton fueren, fänke mat der Ziffer "9" un.
- Et ginn Express-Busser fir an d'Stad (Stäreplaz) agefouert, déi just 1x an all Uertschaft ausserhalb vum Kanton stoe bléiwen. D'Express-Busser erkennt een dodrunner, dass di 2. Ziffer eng "0" ass, also 901, 902, 903. Dës 3 Express-Linnen bléiwen zu Säll an op der Schweebecherbréck stoen.
- Di Regional-Linnen bléiwen op all Arrêt, wéi bis elo gewinnt stoen, an hier 2. Ziffer ass eng "1", hei ass d'Linn 911 Stäreplaz – Mäerzeg ee Beispill, déi och zu Säll an op der Schweebecherbréck stoe wäert bléiwen.
- Di Lokal-Linnen (keng Verbindung an d'Stad) hunn als 2. Ziffer eng "2", "3", "4", "6"..., wéi d'Linn 933, déi vun Näerden op Miersch fiert. Dës Linn bléift zu Einer, Kaalmes, Kapweiler, Schweebecherbréck, Schweebech a Säll stoen iert se um direkte Wee, iwwer Brouch a Recken op Miersch fiert (net méi iwwer Bëschdref).
- D'Quer-Linnen hunn eng "5" als 2. Ziffer, wéi d'Linn 950, déi vunn Arel iwwer Réiden op Ettelbréck fiert.
- D'Busser fuere generell méi spéit, vu moies 5:00 bis owes 23:00. Och Sonndes, gëtt de Service däitlech erhéijt.
- Et gëtt eng kloer Trennung mam Schoulverkéier gemat (separat Linnen).
- Et gi grouss Efforte gemat fir d'Busspueren ze erweideren (Bsp: Bridel).
- D'Fahrpläng sollen esou ausgeluecht ginn, dass sech di verschidde Linnen fir an/ aus der Stad zäitlech iwwerschneiden an mir esou an de Spëtzestonnen een 15-Minuten-Takt hunn.
- De Park & Ride op der Schweebecherbréck soll nach dëst Joer an d'Exécutioun goen. Dëst ass ee Projet vun der Ponts & Chaussées. Hei ass ingesamt Plaz fir 175 Autoen an et ass och eng M-Box fir d'Véloe virgesinn.




***Wat ännert sech fir eis Gemeng?***

▶ Schnellbus vu Maartel op d'Stäreplaz (Linn 901) via Tënten – Dondel - Bridel

---

- Bléift bei eis an der Gemeng stoen: Schweebecherbréck a Säll, Post
- Fiert Méindes – Freides wärend de Spëtzestonnen (moies an owes) am 30-Minuten Takt, duerno am Stonnen-Takt, ab 21:00 am 2-Stonnentakt bis 23:00
- Fiert Samschdes am Stonnentakt bis 21:00, duerno bis 23:00 am 2-Stonnentakt
- Fiert Sonndes am 2-Stonnentakt bis 22:00

▶ Schnellbus vu Bungeref op d'Stäreplaz (Linn 902) via Tënten – Dondel - Bridel

---

- Bléift bei eis an der Gemeng stoen: Schweebecherbréck a Säll, Post
- Fiert Méindes – Samschdes vun 5:00 bis 19:00 am Stonnen-Takt, ab 19:00 bis 23:00 am 2-Stonnentakt
- Fiert Sonndes am 2-Stonnentakt bis 22:00

▶ Schnellbus vun Ueschdref op d'Stäreplaz (Linn 903) via Tënten – Dondel - Bridel

---

- Bléift bei eis an der Gemeng stoen: Schweebecherbréck a Säll, Post
- Fiert Méindes – Samschdes vun 5:00 bis 19:00 am Stonnen-Takt, ab 19:00 bis 23:00 am 2-Stonnentakt
- Fiert Sonndes am 2-Stonnentakt bis 22:00
- Regionalbus vu Mäerzeg op d'Stäreplaz (Linn 911) via Tënten – Dondel – Kielen - Bridel
- Bléift stoen: Schweebecherbréck a Säll, Post
- Fiert Méindes – Freides wärend de Spëtzestonnen (moies an owes) am 30-Minuten Takt, soss am Stonnentakt an ab 19:00 am 2-Stonnentakt bis 23:00
- Fiert Samschdes am Stonnentakt bis 19:00, duerno am 2-Stonnentakt bis 23:00
- Fiert Sonndes am 2-Stonnentakt bis 22:00

▶ Regionalbus vu Näerden op Miersch (Linn 933) via Brouch – Recken

---

- Bléift stoen: Einer (2x), Kaalmes (3x), Kapweiler (2x), Schweebech, Schweebecherbréck a Säll, Kiëm
- Fiert wärend de Spëtzestonnen am Stonnentakt, soss am 2-Stonnentakt bis owes 23:00
- Fiert Sonndes am 2-Stonnentakt bis 22:00

Dëse Bus Réseau bléift Work-in-progress an d'Doléance vu de Gemengen kënnen och weiderhinn nach opgeholl an ëmgesat ginn.

Mir hoffen, dass dëst neit Busnetz eis all méiglechst gutt entgéint kënnt an dowéinst eisen Autoen ëfters eng Paus gönnt.





*De Schäfferot vun der Gemeng Säll: Jean-Paul Mousel (2. Schäffen), Jang Konsbruck (Buergermeeschter), Edmond Gengler (1. Schäffen)*

## Klima-Interview Gemeng Säll

### Wat soen eis Gemenge-Responsabel zum Klimaschutz?

---

***1. Als Politiker sidd Dir ee Virbild fir är Bierger. Wat maacht Dir am Alldag fir de Klimaschutz?***

***Jang:*** Ech fueren all Dag mam Bus an d'Stad schaffen. Doheem versiche mir sou gutt et geet Verpackungen ze vermeiden, dowéinst gi mir och reegelméisseg bei OUNI (www.ouni.lu), den éischte verpackungsfräie Bio-Supermarché zu Lëtzebuerg, akafen. Mir kafe just Bioliewensmëttel a schaffe mat Wuespabéier am Plaz vu Plastikfolien.
A menger Fräizäit sinn ech Beienziichter, produzéieren nieft Hunneg och Hunnegdrëpp.
An iert ech et vergiessen, mir hëtzen mat enger Pelletsheizung, déi un eng thermesch Solaranlag ugeschloss ass.

***Jean-Paul:*** Ech ginn ze Fouss op d'Aarbecht ☺
Mir hunn an d'Solar-Energie investéiert a produzéiere mat eiser Photovoltaik-Anlag méi Stroum, wéi mir verbrauchen.
Mir verreesen net oft a wann da regional a „slow". An der Vakanz si mir de ganzen Dag mam Vëlo ënnerwee a genéissen d'Rou richteg.
Akafe maache mir just an der Regioun, dee ganzen onmoossegen Online-Shopping bréngt net just enormen Trafic mat sech, mee mécht och d'Produzenten an d'Geschäfter an eiser Regioun futti.
Fir mech ass et wichteg ressource-schounend mat eise Saachen ëmzegoen, also net ëmmer nei kafen mee d'Saachen esou laang hale wéi et geet.

***Edmond:*** Mir waren ee vun deenen éischten an der Gemeng, déi eng Photovoltaik-Anlag installéiere gelooss hunn. De Moment si mir och am gaangen ze kucke fir eis Anlag ze erweidere fir esou nach méi Stroum ze produzéieren.
Fir ewech vun de fossile Brennstoffer ze kommen, hu mir eng Holzhackschnëtzel-Heizung agebaut.
Ech behale meng Kleeder meeschtens iwwer Joren. De Caleçon gëtt awer natierlech reegelméisseg gewäsch ▯
Dass ech an d'Vakanz ginn ass och seelen, léiwer verreesen ech an eisem schéine Ländchen.

***2. Wéi sëtzt Dir als Klimapakt-Sëlwer Gemeng Klimaschutz konkret an der Gemengepolitik ëm?***

Mir si besuergt eis Gemeng CO2 neutral ze kréien. Dowéinst si mir u folgende Projeten am gaange mat schaffen:

- Eng Zentral-Heizung mat erneierbaren Energie fir eis Gemengegebaier vu Säll
- Eng nei Photovoltaik-Anlag op eiser Maison Relais
- Eng weider Photovoltaik-Anlag op dem neie Gemengen-Atelier zu Schweebech
- Eng autofräi Öko-Cité zu Schweebech

Wëll an der kantonaler Etude, leider kee Wandpotenzial bei eis an der Gemeng fonnt gouf, hu mir Undeeler am kantonale Wandprojet kaf.
Do dernieft kafe mir als Gemeng permanent privat Bëscher op.

***3. Wat maacht Dir fir är Bierger aus der Gemeng mat an d'Boot ze kréien?***

Och mir vergi Subside fir energie-spuerend Elektrogeräter, Photovoltaik an thermesch Solaranlagen, souwéi fir Reewaasser-Anlagen.
Mir hunn een aktiivt Klimateam, hei gi vill innovativ Iddie gebuer an als Gemeng, versiche mir dës souwäit wéi méiglech ëmzesetzen.

Den edukative Volet am Klimaschutz läit eis um Häerz, dowéinst si mir ganz frou, wann eis Schoul bei Aktivitéite vun eisem Gemeinschaftsgaart, dem Energieatelier oder Sicona matmécht.

***4. Wat sinn ärer Meenung no méiglech Léisunge fir Lëtzebuerg an der Klima-Politik?***

Firwat stellt eis national Politik di helleg Kou vum Wuesstem ni a Fro? De Wuesstem ass wierklech di nei Relioun vu Lëtzebuerg ginn. Wëll mat deem Wuesstem erreeche mir eis Klima-Ziler net!

Alles gëtt nach ëmmer an d'Stad gezunn am Plaz méi ze dezentraliséieren. Firwat maache mir net méi grouss Efforte fir d'Betriber an eise Gemengen ze behalen?

Di laang Instanze-Weeër missten onbedéngt gekierzt ginn: wann eng Persoun oder Gemeng eppes Guddes wëll ëmsetzen, dauert et vill ze laang. Dat decouragéiert definitiv.

Mir musse massiv an Solar – Wand a Biogas investéiere fir ewech vun de fossillen an atomaren Energiequellen ze kommen.

***5. Wéi gesäit di ideal Welt aus an där de am Respekt mat senger Ëmwelt lieft?***

***Jang:*** All klenge Geste zielt! Mir si gefuerdert fir no intelligente Weeër ze siche fir Fortschrëtt a Klimaschutz mateneen ze vereenen.

***Jean-Paul:*** A mengen An geet et virun allem drëm fir am Aklang mat der Mënschheet ze liewen, wëll nëmmen da, kréie mir d'Problemer vun der Aarmut, vum Krich, Honger an Egoismus, vun de Mënscherechter a Migratioune geléist.
Mir liewen op enger Insel an Europa, awer fir d'Majoritéit vun de Mënschen, déi ënnert ganz anere Konditioune liewen, geet ëm d'rengt Iwwerliewen. Bei hinne steet d'Ëmwelt net un éischter Plaz.
Réischt wa mir all dës Problemer geléist hunn, hu mir och eng Chance fir am Respekt mat eiser Ëmwelt ze liewen.



***Ëddes:*** Ech fannen et traureg, dass jidderee just nach no sech kuckt. Sech géigesäiteg hëllefen ass an eise Länner verluer gaangen. Genau esou wéi den deeglechen Austausch mat de Noperen a Leit aus dem Duerf. Mir sinn dauernd ënnerwee an hu keng Zäit méi fir op der Bänk virum Haus ze setzen a mat de Noperen ze schnëssen.

### Firwat solle mir eis un d'30er Zonen haalen?

---

Op all eise Gemengestroosse sinn iwwer di leschten zwee Joer 20 oder 30er Zonen agefouert ginn. Hei mussen d'Autosfuerer also lues fueren a besonnesch op d'Foussgänger oppassen, déi hei iwwerall kënnen an dierfen d'Strooss quieren.
Dës Moosnam war net just eng Viraussetzung vun der Ponts & Chaussées fir dierfen virun eiser Schoul op der Arelerstrooss op engem kuerze Stéck d'Vitesse ze reduzéieren. Mir als Gemeng wënschen eis nämlech och rëm méi lieweg Stroossen, wou d'Awunner sech treffen a matenee schnësse kënnen, wou d'Kanner am ëffentleche Raum kënne spillen, kuerz wou et sech gutt liewe léisst.
Mir héieren awer leider reegelméisseg Awunner, déi sech beschwéieren, dass dës reduzéiert Vitesse leider net vu jidderengem agehale gëtt.
Foto 30er Zone
30er Zone
An den 30er Zonen huet de Foussgänger nach ëmmer säi Säiteberäich, wou hien ze trëppelen huet. Fir dem Foussgänger an dëse berouegten Zonen awer net virzeschreiwen, wou hien iwwer d'Strooss ze goen huet, gëtt am Allgemengen innerhalb vun de 30km/h-Zonen op Zebrasträife verzicht.

Méi eng héich Sécherheet
30 km/ Stonn ass de Bremswee nëmmen hallef esou laang wéi bei 50 km/ Stonn

- Bei 30 km/ Stonn huet een hannert dem Steier méi ee grousst Siichtfeld a kann esou Personen um Bord vun der Strooss besser wouerhuelen.

Och an den 30er-Zone sollen d'Foussgänger awer nach ëmmer op d'Autosfuerer oppassen, besonnesch wann si d'Strooss quieren. D'Autoen hunn hei nämlech, anescht wéi an den 20er Zonen, nach ëmmer de Virrang.
Foto 20er Zone
20er-Zonen – Zone résidentielle
An enger Zone résidentielle à 20km/h ginn et keng Trottoiren. Hei gëllt de ganze Stroosseraum fir jiddereen: Autosfuerer, Foussgänger, Vëlo etc. Hei duerf de Foussgänger also iwwerall trëppelen a brauch keen Zebrasträifen. Jiddereen ass gläichberechtegt an huet op deen aneren opzepassen.
D'Autosfuerer mussen deemno stoe bléiwe, wann ee Foussgänger wëll d'Säit quieren. D'Parken ass just op den ausgewisene Plazen erlaabt.
Dowéinst, biede mir Iech, léif Awunner, Iech un dës Regelen ze halen a sou een harmonescht a respektvoll Zesummeliewen an eisem ëffentleche Raum ze erméiglechen.
Bastelen mat Toilettëpabeiers-Rulloen

INFO STUFF
ENERGIE WAASSER KLIMA


# INFOSTUFF

**CONSEILS GRATUITS** POUR LES CITOYENS/ENTREPRISES DU **CANTON DE REDANGE**

**CONSTRUIRE**, **RÉNOVER**, OU **AMÉNAGER** CHEZ VOUS, DANS LE RESPECT DE L'ENVIRONNEMENT TOUT EN **PROFITANT DES PRIMES DE L'ÉTAT** ET DE **VOTRE COMMUNE**

**Économie & qualité de l'eau potable**
**Gestion des eaux pluviales**

**Énergies renouvelables**
Photovoltaïque*
Solaire thermique*
Chaudière à pellets et à bûches
Pompe à chaleur (air/géothermie)*




**Mobilité durable**
Vélo
E-Bike*
Bus/train
E-Auto*



**Économies d'énergies**
Isolation écologique
Détection des appareils énergivores
Optimisation fenêtres/chauffage

**Assistance gratuite**
Subsides disponibles
Habitat sain et durable
Humidité/moisissure
Procédures administratives
Règlementation




**Aménagements écologiques**
Pavés drainants
Planification de jardins naturels

*Subsides étatiques et/ou communaux

energie atelier · ATTERT · KlimaPakt · infopoint

26 62 08 01 43, Grand-Rue . Redange/Attert . Lundi-Vendredi: 8h-12h & 13h-17h

www.energieatelier.lu
www.attert.com
www.klima.lu


Visit Guttland

> Kostenlose Teilnahme
> Das ganze Programm unter www.visitguttland.lu

# 2020 Guided Summer Tours

**Während der Sommersaison vom 20. Juli bis zum 29. August, organisiert der regionale Tourismusverband Zentrum/Westen Luxemburg in Zusammenarbeit mit den Akteuren vor Ort eine Vielfalt an geführten Besichtigungen.**

## Guttland Classics

**MONTAGS > ANSEMBOURG**
Die außergewöhnlichen Gärten von Schloss Ansembourg
10:30 - 12:00
**FR**

**DIENSTAGS > GOEBLANGE**
Salvete! Die römische Villa Miecher in Goeblange
10:00 - 11:30
**LU / DE / FR**

**MITTWOCHS > MERSCH**
Mersch City Tour
10:00 - 12:00
**LU / DE / FR**

**DONNERSTAGS > REIMBERG**
Michel Lucius Museum & Wasserturm
10:00 - 12:00
**LU / DE / FR**

**FREITAGS > HELMSANGE**
Unterirdisches Aquädukt „Raschpëtzer"
10:00 - 12:30
**LU / DE / FR / EN**

**SAMSTAGS > UEBERSYREN**
Naturreservat „Schlammwiss"
09:00 - 11:30
**LU / DE / FR / EN**

## Guttland for Kids

**DIENSTAGS > HAUT-MARTELANGE**
Schiefermuseum Obermartelingen D'Fliedermaartelmaus – Enigmo-Geschichte & Workshop
14:00 - 17:00
**(LU / DE - FR - LU / DE - FR - LU / DE..)**

**MITTWOCHS > BECKERICH**
Mühlenmuseum in Beckerich. Achtung es spukt!
15:00 - 16:30
**LU / FR**

**DONNERSTAGS > NOSPELT**
Keramikmuseum Nospelt. Die mit dem Vogel!
15:00 - 16:30
**LU / DE / FR**

**FREITAGS > HAUT-MARTELANGE**
Schiefermuseum Obermartelingen 1x Schiefer für die ganze Familie
15:00 - 17:00
**(LU / DE - FR - LU / DE - FR - ..)**




## Guttland by Night

**MONTAGS > RINDSCHLEIDEN**
Eine musikalische luxemburgische Zeitreise bei Kerzenlicht im ländlichen Museum «Thillenvogtei»
20:00 - 21:30
**LU**

**MITTWOCHS > HIVANGE**
Wasserreservoir auf dem „Rebierg" bei Sonnenuntergang
19:00 - 21:00
**LU / FR**

**DONNERSTAGS > USELDANGE**
Entdeckung des didaktischen Rundwegs um die Burg Useldingen
20:00 - 21:30
**Wöchentlicher Sprachwechsel**

## Guttland Specials

**> IMMER FREITAGS**

**GOEBLINGEN** - Fackelwanderung zur römischen Villa
24.07.2020 > 20:30 - 22:30
**LU / DE / FR**

**BECKERICH** - Wanderung mit Nicolas Schweicher*
31.07.2020 > 22:00 - 00:00
**LU**

**USELDINGEN** - Mit Laternen in die Geschichte der Useldinger Burg eintauchen
07.08.2020 > 21:00 - 23:30
**LU**

**KEHLEN** - Eine Reise in die Vergangenheit mit Joël Adam
14.08.2020 > 20:30 - 22:30
**LU**

**KEHLEN** - Super Schnappsidee! Besuch der Brennerei
21.08.2020 > 20:30 - 22:30
**LU**

**MERSCH** - Städtchen der Legenden
28.08.2020 > 20:00 - 22:00
**LU**


**Wegen der COVID-19 Pandemie müssen die Teilnehmer sich im Voraus anmelden. Die Maximalanzahl an Teilnehmern wird der Situation zum Zeitpunkt der Besichtigung angepasst.**

* Mit Anmeldung bis zum 24.07.2020: Tel. +352691 510 370 / 371 | info@dmillen.lu

Für weitere Informationen zur Region, bitte kontaktieren Sie uns:

OFFICE RÉGIONAL DU TOURISME CENTRE / OUEST LUXEMBOURG
B.P. 150 / L-7502 Mersch / Tel. +352 28 22 78 62 / info@visitguttland.lu / www.visitguttland.lu

# Bastelen mat Toilettë-pabeiers-Rulloen



Hei e puer flott Iddien wat Dir mat Toilettëpabeiers-Rulloen maache kënnt.

En Tëntefësch mat Knäpp

Witzeg Autoen

E Labyrinth

Beim Labyrinth gëtt et vill Varianten , je no deem wéi schwéier Dir et wëllt maachen.

> Op Zäit

> An enger bestëmmter Reiefolleg no Nummeren

> Mat Käertercher déi lech soen a wéi enger Reiefolleg dir duerch d'Faarwen musst rullen.




# WITZ








Jean Konsbrück


Joël KIEFFER


Michèle SCHEITLER


Caroline SCHMIT


Jemp SCHUSTER


Greg FOETZ


Drazen MEDAKOVIC

# Impressum

*Un dësem Gemengebuet hu matgeschafft :*

- Jean KONSBRUCK, Valérie BÉGUÉ, Michèle SCHEITLER, Jemp SCHUSTER, Joël KIEFFER.
- D'Fotoe si vum Michèle Scheitler, Jojo Mousel, John Kaufmann, Claude Wiltgen, Sëller Schoul, Maison relais.
- D'Mise en page ass vum Greg FOETZ, Drazen MEDAKOVIC.
- Den Drock gouf am Atelier Repro vun der Associatioun « AUTISME Luxembourg a.s.b.l. » vu Beckerich gemaach.
- Déi franséisch Texter si vum Jemp SCHUSTER iwwersat ginn.
- De Jemp huet och d'Feeler an de lëtzebuergeschen Texter verbessert.

# Numéros utiles

**Aministration Communale de Saeul**

B.P. 11 L-7506 SAEUL
8, rue Principale L-7470 SAEUL
Tél: 23 63 22-1 / Fax : 23 63 94 29 www.saeul.lu

Jean Konsbrück, bourgmestre, Tél.: 621 75 27 71
E-Mail : bourgmestre@saeul.lu
Edmond Gengler, échevin, Tél.: 621 19 77 62
Jean-Paul Mousel, échevin, Tél.: 621 32 60 52
E-Mail : schefferot@saeul.lu

**Secrétariat**

Joé Wolff, Tél. : 23 63 22-20
Joël Kieffer, Tél. : 23 63 22-21
E-mail : secretariat@saeul.lu
du mardi au jeudi de 8:30 à 11:30

**Population : Martine Ensch**

Tél. : 23 63 22-22
E-mail : population@saeul.lu
du mardi au vendredi matin de 8:30 à 11:30
et le jeudi après-midi de 14:00 à 18:30

**Recette : Stéphanie Labranche**

Tél. : 23 63 22-23
E-Mail : recette@saeul.lu
du mardi au jeudi de 8:30 à 11:30

**Service régie : Laurent Gengler**

Tél. : 691 13 57 90
Du lundi au vendredi de 7:00 à 11:45
et de 13:00 à 16:00

**Service technique bureau : Erica Bucari**

Tél. : 23 63 22 -26
Sur RDV
E-Mail : technique@saeul.lu
du lundi au jeudi uniquement sur rdv

**Garde forestier : Thierry Hollerich**

Tél. : 621 20 21 84
E-Mail : thierry.hollerich@anf.etat.lu

**École Saeul**

| | |
|---|---|
| Préscolaire & Précoce: | Tél. : 266179-13 |
| RDC C2 : | Tél. : 266179-23 |
| 1e étage C3 : | Tél. : 266179-24 |
| 2e étage C4 : | Tél. : 266179-25 |

Fax : 26 61 79 29
www.ecoles-saeul.lu

Maison Relais Saeul

Tél. : 26 61 79-10
GSM : 691 866 930
Fax : 26 61 79 11

**Presbytère de Brouch**

Joël Santer
Tél. : 26 61 04 03

**Ambulance / Pompiers**

Tél. : 112

**Police:**

Tél. : 113
Police de proximité Redange Tél. : 24492 200
Police d'intervention Redange Tél. : 24492 500

**Centre Médical**

18, rue de la Piscine L-8508 Redange/Attert
Tél. : 23 62 42-1
Fax : 23 62 42-32

**Laboratoires d'Analyses médicales : Ketter Thill**

18, rue de la Piscine L-8508 Redange/Attert
Prélèvements du lundi au vendredi de 6:30 à 11:00
Tél. : 48 82 88-700
Fax : 48 82 88 -740
Prise de sang à domicile: Tél. : 48 82 88

**Hëllef Doheem**

18, rue de la Piscine L-8508 Redange/Attert
Tél. : 26 62 94-1
Fax : 26 62 94-209
E-Mail : redange@shd.lu

**Help**

10, rue Principale L-8544 Nagem
Tél. : 26 62 07 08
Fax : 26 62 07 18
E-mail : nagem.croix-rouge@hlp.lu

**Home pour Personnes Agées St.François**

2, rue de l'Hôpital L-8509 Redange/Attert
Tél. : 23 64 3-1
Fax : 23 64 3-701

**Atert Lycée Redange**

1, rue du Lycée L-8508 Redange/Attert
Tél. : 26 62 32-100
Fax : 26 62 32-299
E-mail : secretariat@alr.lu
www.alr.lu